

„Things Lëtzebuerger don't say“

Charakteristiken a Risike vu Facebook-Gruppen iwwer Lëtzebuerg

Luc Belling

Duerch sozial Netzwierker wéi Facebook huet allgemeng de Gebrauch vum Lëtzebuergesch als Schrëftsprooch zougeholl. Aus sproochwëssenschaftlecher Siicht ass dës Entwécklung duerch positiv, well vill Lëtzebuerger am Alldag erëm méi (oder iwwerhaapt) Lëtzebuergesch schreiwen. Bei dëser Feststellung soll guer net den Inhalt vun de Messagen am Virdergrond stoen, mee vill méi d'Tatsach, datt den Automatismus fir Lëtzebuergesch ze schreiwen (an ze liesen) gefërdert gëtt.

Nieft de personaliséierte Profiler besteet op Facebook och d'Méiglechkeet sech a Gruppen unzemellen, an deene Leit mat de selwechten Interessen ënnertene kommunizéieren. Den Interessi u Lëtzebuerg, den Awunner, der Kultur a spezifesch och der Sprooch weist sech un der relativ héijer Unzuel u Gruppen (mëttlerweil ëm déi 20), déi sech mat dësen Themaen befaassen. Sëllege Facebook-Notzer fanne sech a Gruppen zesumme mat Nimm ewéi „I love mäi Lëtzebuerg“, „So et op Lëtzebuergesch“, „Fir méi Lëtzebuergesch zu Lëtzebuerg“, „Kreien mer 10 000 Leit an des Grupp dei Lëtzebuergesch schwätzen“ asw.

Dëse Bäitrag befaasst sech mat enger relativ rezent gegrennter Grupp (26.07.2013), déi sech am Fong net mat den typeschen Aspekter a Charakteristike vu Lëtzebuerg befaasst, mee genau mam Géigendeel: „Things Lëtzebuerger don't say“!

Dës Grupp zielt mëttlerweil 4 563 Memberen (20.11.2013) an d'Zil vum Grupp ass, Aussoen ze sammelen, déi d'Lëtzebuerger an hirem aldeegleche Liewen normalerweis net soen. Domat besteet d'Besonnenheet vum Grupp doran, datt Spréch verëffentlecht ginn, déi op eng ironesch Aart a Weis

lëtzebuergesch Klischeen thematiséieren. Zweekonkret Beispiller sinn: „Ech hunn nach ni a mengem ganze Liewe Kniddele giess“ als Undeutung, datt dës Moolzecht all Lëtzebuerger kennt oder „Komm mir huelen einfach den Taxi, 't gëtt och net esou deier“ als ironiséiert Kritik un de héijen Taxipräisser.

Op dëser Plaz soll dorop higewise ginn, datt fir d'Authentizitéit vun de Spréch ze garantéieren, déi verëffentlecht Aussoen onverännert presentéiert ginn, also och ouni orthographesch Verbesserungen.

Insgesamt goufen déi éischt 33 Spréch vun dësem Grupp analyséiert an déi 266 dozou gehéierend Commentaire vun anere Benotzer.

D'Froen, déi ech mir bei der Analys vun dëser Grupp gestallt hunn, waren:

- Wat ass laut dësem Grupp scheinbar ontypesch am lëtzebuergesche Sproochgebrauch?
- Wéi ass d'Resonanz vun de Memberen op d'Spréch?
- Wat sinn d'Problemer an d'Gefore vun esou Gruppen?

Wat ass dann elo iwwerhaapt ontypesch Lëtzebuergesch?

Bei den Themaen sinn inhaltlech keng kloer Muster ze erkennen, vill méi schéngen déi ënnerschiddlechst Klischeen iwwer Lëtzebuerg, déi enger méiglechst grousser Unzuel u Leit bekannt sinn, als Unhaltspunkt

Duerch sozial Netzwierker wéi Facebook huet allgemeng de Gebrauch vum Lëtzebuergesch als Schrëftsprooch zougeholl.

De Luc Belling ass Chercheur en formation doctorale am Beräich vun der Internetlinguistik am Institut fir Lëtzebuergesch Sprooch a Literatur vun der Uni Lëtzebuerg.

ze déngen. Esou iwwerrascht et och net, datt ë. a. déi Lëtzebuergesch Iessensbezeechnungen wéi zum Beispill „eng Fläsch Crémant“ an „eng lëtzebuurger Grillwurst“ (fir op déi verfestegt, awer onkorrekt Bezeechnunge vu Champes an Thüringer hinzeweisen) genannt goufen.

Do dernieft spillt d'Thema Geld a Paien a Lëtzebuerg och eng Roll, dat méi ewéi eng Kéier ernimmt gëtt. Esou gëtt zum Beispill bei dem iwwerspëtzt ze verstoen „Dat kann ech mir net leeschten“, déi allgemeng lukrativ Verdéngssituatioun a Lëtzebuerg op d'Schëpp geholl. D'Thema Geld gëtt och am Kontext vun den Immobiliepräisser a Lëtzebuerg behandelt: „Ech hunn eng bëlle Wunneng fonnt“. Laut den Administrateuren ass dat en typesche Saz, deen een net aus dem Mond vu lëtzebuergeschen Awunner héiert.

Nieft dësen Themaen, déi een iwwergräifend als sozio-kulturell an ökonomesch Mierkmoler vu Lëtzebuerg zesumme faasse kéint, stellt awer och eis Sproochesituatioun (obwuel heifir amfong och ganz spezifesch Gruppe bestinn, déi just dëst Thema behandelen) ëmmer erëm en Diskussiounspunkt duer. Dobäi fënnt een eng kllassesch Thematik iwwert d'Lëtzebuurger Sprooch erëm: „Lëtzebuergesch ass nëmmen en Dialekt, genau esou wéi Sächsesch oder Hessesch“. De Besoin ze verdäitlechen, datt Lëtzebuergesch eng eegestänneg Sprooch ass, schéngt nach ëmmer, trotz Norméierung an Institutionaliséierung vun eiser Nationalsprooch, e wichteg Uleies ze sinn.

Dee wuel gréisste sproochlechen Defizit vun de Lëtzebuurger schéngt hir méi oder manner duerch schnëttlech Orthographiekenntnesser ze sinn, woubäi hei och Kritik un eisem Educatiounssystem opkënnt: „Gutt, dass ech an der Schoul geléiert hunn, richteg Lëtzebuergesch ze schreiwen“.

Am weidere Verlaf vun der Analys wäert sech weisen, datt d'Orthographie net ëmmer direkt en Thema vun de Spréch ass, awer trotzdem bestänneg en Diskussiounspunkt bleift, och an dësem éischter informelle Kommunikatiounsraum wéi Facebook.

Wat halen d'Gruppememberen da vun dësem Spréch?

Duerch d'Kommunikatiounsméiglechkeete vun esou Facebook-Gruppen besteet fir d'Memberen och d'Méiglechkeet dës Spréch ze kommentéieren, wouduerch eng gewëssen Dynamik entsteet, déi een als virtuell „Stammdëscher“ ëmschreiwe kann. Dobäi goufen an der Analys dräi ënnerschiddlech Formen vu Reaktiounen festgestallt: reagéierend, interagéierend a korrigéierend Commentairen. Bei reagéierende

Commentairen deelen d'Membere mat, wat si vun dem ontypesche Sprooch halen. Dobäi gi si hiren Avis of, ob si déi Ausso effektiv ontypesch fannen ...

Egal wou ech hei am Land higinn, 't ass ni een do deen ech kennen.

→ An daat nervt! Iwwerall begeins de en Trelert derns de kenns

→ An zomols am Cactus!

... oder ob een dat eventuell awer am Alldag héiert.

Komm mer gin e gudden Humpe knuppen.

→ Do stemmen ech awer net zou kennen da, di daat soen

→ Dat gett well oft gesoot :p

→ Daat ass warscheinlech den oftgesootesten saatz zu letzebuerg, moies, mettes, owes, an doteschent

Bei interagéierenden Aussoen bezéien sech d'Commentairen net nëmmen op déi intial Ausso, mä d'Memberen notzen dës Funktioun, fir ënnert sech eng Diskussioun ze féieren. An der Commentairesektioun kënnen doduerch perséinlech Gespréicher entstoen. Dës Konversatiounen entwéckelen sech zum Deel och, wann d'Gruppememberen net enger Meenung sinn.

Nee, ech gin dëst Joer net op d'Schueberfouer. 't ass dach all Joer ëmmer datselwecht.

→ Europapark ass besser kannst mat 50 Euro dohanne méi ufänken wéi op der Schueberfouer!... an d'Schueberfouer ass ëmmer dat Selwecht, gëtt ëmmer méi deier an 't ass näischt Extras

→ an den europapark ass net emmer dat selwescht??

→ Europapark bidd engem vill méi wéi d'Schueberfouer, + 't ass méi grouss, 't si méi Attraktiounen do an do geet een elo net all Dag dohinner a se baue nei Saache bäi
→ t fouer gett all joer mei deier, t leit gin emmer mei domm an t attraktiounen gin all joer mei latzeg also net emmer selwecht :)

D'korrigéierend Aussoe sinn op de besonnesche Charakter vun der Grupp zréckzeféieren, duerch dee sech bei Memberen e „quizähnleche“ Reaktiounsmechanismus entwéckelt huet. Verschidde Leit schreiwen an hirem Commentaire déi richteg Äntwert, wéi d'Lëtzebuurger et am Alldag also wierklech soen.

Schnell

→ Dajee

→ Hajde!

→ Mach firun

„Komm mer gin e gudden Humpe knuppen.“

Déi gréisste Gefor vu Gruppen, déi d'Lëtzebuerger Kultur an och d'Sprooch als Thema hunn, ass a mengen Aen de schmuele Grad tëscht Patriotismus hin zu enger Zort vu Friemefeindlechkeet.

- da begann dech
- An lass
- Fex!

D'Beispill mam Europapark huet schonn indirekt op e gewëssent Konfliktpotenzial tëscht Memberen higewisen. Beim leschten Analyspunkt soll deemno d'Fro vun de Risike vun dëser Grupp, awer och allgemeng vu Facebook diskutéiert ginn, well duerch feelend Zenséierméiglechkeeten am fong alles Méiglech geschriwwen ka ginn.

Problemer a Gefore vun der Grupp

D'Kärfunktioun vun der Grupp ass Lëtzebuerger Eegeschaften a Charakterzich humoristeschesch duerstellen. Duerch de groussen Interessi vun de Leit an d'Meenungsfräiheet am Internet huet d'Grupp awer e gewëssent Risikopotenzial. Déi witzeg Aussoe kënnen duerch Interpretatiounsdivergenzen ënnerschiddlech opgefaasst a verstane ginn. Et kënn duerch d'Vir, datt nei Memberen de Prinzip vun der Grupp nach net verstanen hunn.

Natierlech kann den Henri perfekt Lëtzebuergesch schwätzen. Hien ass jo ëmmerhin de Groussherzog vu Lëtzebuerg.

- perfekt? wees ech awer net! en huet op allen fall en staarken franséischen accent!
- Hues de senn vun der sait net verstanen?

Besonnenesch Spréch ronderëm eis Sprooch sinn en Ausgangspunkt fir vill Streidereien. Den nächste Bäitrag befaasst sech am fong mat dem däitsche Begrëff fir „Seechomes“, deem am lëtzebuergesche Wertschatz och gebraucht gëtt.

An de Commentairen zu dësem Sprooch entsteet awer eng grouss Grondsazdiskussioun iwwert ë. a. de Wertschatz am Lëtzebuergeschen, eng orthographesch korrekt Schreifweis, d'Sproochastellung géint iwwer Auslänner an dialektal Ënnerscheeder tëscht dem Éislek an der Stad (an dat nëmme wéinst der Ameis)!

Ameisen

- sohen ech well ech en eislecker sen
- Wat ass dat dann vir eng Ausried?
- sohen mer avion fir flieger oder sou een schais? eis letzeboier sprooch gett duerch d stadter verschass ganz eierlech ok ameisen ass net grad letzeboiesch, awwe besser wei 'ech voleieren mueren mam jean-marc vun petange mam avion op paräis heier.' -.-
- dat eent ass sou falsch wei dat anert an dat huet neischt mat Éislek oder Staat ze din. Of gesin dovun

soen mer an der Staat och „Seechomes“, also kiir virun denger Diir éiers de ufänks ze verallgemengeren...

→ Am Lëtzebuergeschen huet een den Choix/d'Wiel en franséisch oder deitsch Wuert ze gebrauchen wann et keen passend letzebuergesch Wuert gëtt. Dat eent ass net besser wei dat anert, mee demols wei eis schéin Sprooch entstanen ass, ass et weder Télécommande'en, nach Fernbediengungen gin... Et geif eis all besser goen wann mer besser mei tolerant wieren, ennert eis an vis-à-vis/geigeniwwer vun Auslänner.

→ Ma ech sin stadter, an richtig houfreg drop ! An ech kann der soen dat keen normalen stadter avion oder soss sou eppes seet ! Mais vlait eichter dei baigepafften aus dem minette oder eisleck ...

Desweideren wann mer schon bei futti machen sin, dann faenken mer un, lëtzebuergesch ze schreiwen an net letzeboier, bei dem oi kriegen ech krieps an d aan !!

Naischt fir ongutt !

→ nemmen well mier eppes dogeint hun dat eis sproch lues an lues verschwennt hun mier net direkt eppes geint auslänner, ech wees jo dat mer vill wierder vun soss wouhier gebrauchen me ouni gif net goen, trotzdem sen verschidden saachen ze krass (jiderengem seng meenung) mee do kann een egal wei neicht drun enneren, ech wollt just aussoen, dat di aus der staat wierklech mei aanersprochech wierder beutzen

Déi gréisste Gefor vu Gruppen, déi d'Lëtzebuerger Kultur an och d'Sprooch als Thema hunn, ass a mengen Aen de schmuele Grad tëscht Patriotismus hin zu enger Zort vu Friemefeindlechkeet. Déi no Vergaangenheet huet gewisen, datt och am Internet, a besonnenesch op Facebook trotz Meenungsfräiheet bestëmmten Aussoen ëffentlech net dierfen ugeschwat ginn an deemnowéi gesetzlech sanktionéiert ginn.

Nee, ech gin dëst Joer net op d'Schueberfouer. 't ass dach all Joer ëmmer datselwecht.

- Ech gin net well ed te daier ass, well ed sws praktesch bi op 1 oder 2 spiller dat nemlecht ass
- An haaltsächlech well di wouscht auslänner racaille op der fouet hänkt, dat muss ech mer net gin

Facebook ass zum engen ee Mëttel ginn, mat deem d'Lëtzebuergesch erëm méi vun de Leit geschriwwen gëtt. Duerch esou Gruppe wéi dës an nach vill anerer gouf awer och eng Plattform geschafen, op där jidderee seng Meenung zur Sproochesituatioun oder allgemeng zu Lëtzebuerg matdeele kann. Dëst kann duerch d'produktiv Gesprécher ervirbréngen, biergt awer och de Risiko, datt onkonstruktiv Streidereien entstinn. Dowéinst muss sech nach e gewësse Versteedsdemech am Bewosstsi vun de Leit entwéckelen, datt den Internet eng Plattform fir fräie Meenungsaustausch bitt, et awer bestëmmte Reegele gëtt, un déi ee sech hale muss. ♦